

Hal de Bak!

Ok, dat ass als Iwwerschrëft jo vläicht e bësse „rappeg“; et héiert een och alt emol: Hal de Bak a maach Zänn; mir – an déi aner iwrengens och – hu jo nach vill méi schaarf Fassongen, gellid... déi net onbedéngt manéierlech sinn. Mä et gehéiert ower absolutt bei d'gewinnnte Sprooch vun all Dag, oder net? **Hei hu mir et dann ower erëm kloer mat enger eegener lëtzebuergescher Ausdrucksmanéier ze dinn**, och wann si dem Däitschen oder Franséischen an esou enger Situatioun gläiche kann... mä do ass et ower „*halts Maul/ta gueule, la ferme!*“. Et kënn ee sech schlecht virstellen, datt een zu Leipzig „*Halt die Wange/Backe*“ giff soen, oder zu Lyon „*tiens ta joue!*“; am Englesche gëtt et am Fong nëmme „shut up!“, wat eisem „hal se zoul“ nosteet. Fir ze grinsen: **Kuff d'Schmull** = Jéinesch.

Iwwerhaupt wier et net esou oninteressant, wann een dee méi „rubbelege“ Sproochgebrauch vun Lëtzebuergesche mat deem méi ruppegen aus anere Sprooch giff vergläichen; op jidfer Fall kënn do alt emol gutt gelaacht ginn.

Natierlech kann een **d'Nues och rëntschelen, wann et em alles dat geet, wat eise Kierper esou „vu sech“ gëtt**, ouni elo zevill graff ze ginn. Et ass ower net oninteressant, datt d'Lëtzebuergesch esouguer op deem „Gebitt“ säin eegene Wee geet. Och an anere Sprooch kann een entweder ganz „fein/manéierlech“ oder e bësse méi ruckelzeg* schwätzen. Do ginn da „*Winde abgelassen / des flatulences*“, a bei äis fret den Dokter ganz normal no de „Wënn“, wann hien no enger Blindarmoperatioun an d'Zëmmer kënn; ech kennen deer keen, deen nom „Fuerzen“ oder „Faschte“* giff froen... hei ass et ower apaart wichteg! Wann et „gefacht“* huet, hunn se am Minett och alt emol gesot, et hätt ee „Karbid“ an der Box, wann ee sech „gerëselt“ oder „net propper gehal“ hat; ganz bestëmmt ginn et nach deer Ausdréck, bei deenen dann d'meescht och nach dacks* gutt gelaacht gëtt... mä et gehéiert nun emol dozou, wann iwwer de Kierper rieds geet.

Wéi et schéngt soll et bei de Chinese plazeweis* en Zeeche vu Manéierlechkeet sinn, **wann ee mat „Räppse“ weist, datt et engem gutt geschmaacht huet...** wuel éischer, datt de Mo sech de Maifel hirer fir an den Daarm lassgemaach huet an doduerch eng Zort „Loftblos“ entsteet. Mä huelt och emol hei eisen Ausdröck a vergläicht e mam Däitschen oder Franséischen oder Engleschen (*rülpsen, roter, to burp*); do ass kee Verglach méiglech, an et kann ee fir de lëtzebuergeschen Ausdröck esouguer soen, et wier eng „Lautmalerei“, méi geléiert eng *Onomatopée*... datselwecht fanne mir bei eisem Verb „gaapsen“, woubäi ee jo eeriicht de Mond- an Otemgest ausdréckt, dat iwrengens och beim däitsche „gähnen“ oder dem franséische „bailler“.

Et fält engem elo hei net an, op **dat méi „kriddelegt“* Gebitt vu „Geschlechtereie“ an eisem Sproochgebrauch** anzegoen... ower och do si mir net „schlamm“*, net méi schei/aarm wéi déi hei rondrem äis. Just eng gelunge* Fro bleift ower nach, wat d'Franséisch an deser „branche“ ugeet: Eng vun de meeschtgebrauchte **Wiederschlaangen an hirer Sprooch ass nun emol „con, connard, connasse, connerie...“** stellt iech dach emol vir, et giff een d'wuertwärtlech Iwwersetzung dovun esou liichtfanke* am Lëtzebuergesche gebrauchen. Net auszedenken, wat dat giff klaken*! An ower soe mir jo och ewell esou **dacks „m...“, aplaz „sch...“** Wat ass dann elo do méi „manéierlech“? Ech ka mir virstellen, datt desen Artikelche vun e sëllegen „dichtege“ Leit an de... „Bulli“ gezu gëtt... oder heescht dat „an de Kaka“? ☹ (*d'Wiederer mam *sinn iwert all Artikelen „eiser“*)

Batschdeg!

Elo soll dann eppes ganz Intressantes mat deem immensen Zougedecks gemaach ginn, dat eis „Nei Bréck“ an der Zäit vun hirer Restauratioun verstoppt huet: zu Wolz gi Posche vun de Stécker gemaach... „Posch“ klénkt franséisch, mä hei hu mir e giedlegt Beispill, wéi d'Lëtzebuergesch seng Roll an deem „flotten Dreier“ vu *Posch – poche – Handtasche – sac à main* spillt; denkt emol doriwwer no, et ass „echt“, ower dowäert*.

„Um Radio“ hunn si dann elo **vun enger „Baatsch“ an deem Zesammenhank geschwat**. Dat huet de Professor Léon Doemer (e Germanist!) opgefaang an „hinne“ gesot: eng „bäche“ wier keng Baatsch – héchstens eng Baasch – an hätt och kee Paff* domat ze dinn. D'Baatsch ass nun emol fir ze „bäätschen“*; am Zirkus gëtt ganz schéin domat fir Päerd, Léiwen oder Tigere geklaakt. **Hei misst also éischer vun enger Baasch oder „Plan“ geschwat ginn**, en däitschen Ausdröck... deen ower eeriicht aus dem laténgesche „planus“ geholl ass, deemno och fir äis géllt. Et wier dem Här Doemer gesot ginn, déi „Baatsch“ giff och esou am LOD stoen... mä do gëtt et viles, wat net kauschel ass... et wäert och nach kéipweis riichtzebéie sinn.

Trappen* a bengelen*

Och hei dréint et sech em **zwee Wiederer (Verben), déi ganz kloer en däitscht „Gesicht“ hunn**. Mir gebrauchen se ower op eng Fassong, déi et esou am Däitschen net gëtt. Natierlech fanne mir eng „Truppe“; dat kann een ower am Däitschen nëmme fir e Grupp vu Leit huelen, dmeescht deer mat Uniformen. Am Lëtzebuergeschen hu mir och nach en „Trapp“* draus gemaach... mä do handelt et sech dann em Déieren: en Trapp Schof, Kéi... **eist Verb „trappen“ gitt dir ower émsoss doruechter sichen**, héchstens

vum Lex Roth



„traben“, wat ower en anere Sënn huet, wéi datt een äis „trappt“, fir datt mir äis solle „begannen“*, tommelen*... alt erëm „vun hei“; gelungen*/bosseg*, gellid.

Hätte mir gär, datt **ee soll „viru maachen“, dann heescht et dacks, mir giffen hantert him „bengelen“**; och deen Ausdröck sicht dir émsoss éierens anescht, ouni dovun ze schwätzen, datt e lëtzebuergesche „Bengel“ net dee Laubouf ass, fir deen d'Wuert am Däitsche geholl gëtt, mä e Staf... och net dat, wat emol ee vun eise Ministeren an Däitschland fir e „Bräiläffel“ gebraucht hat; leider kritt dee wierkech sympathesche Mann dee „Bengel“ nach ëmmer nogehait... bëlleg; net fair! ☹

E gudden Trick

All Sprooch huet hir eege Melodie an hire speziellen „Takt“, eng Zort „Rhythmus“, deen duerch d'Betounug vun de Wiederer entsteet; méi „wëssenschaftlech“ gëtt hei nawell gär vu „Prosodie“ geschwat; beim Fernand Hoffmann fanne mir fir d'Lëtzebuergesch an deem Sënn den Ausdröck „Schaukelmelodie“. Déi Elementer komme ganz apaart a Gedichter mat enger kllassesch-fester Form vir... déi iwrengens vill méi komplizéiert ass, wéi einfach (verdichte) Gedanken aus engem „normale Prosasaz“ ënnereneen ze schreiwen. Eng aner Gei.

Dir erënnert iech vläicht nach no Joer an Dag un dat eent oder anert klengt Gedichtchen, dat dir als Kanner oder „an der Jugend“ geléiert huet... an et ass nach ëmmer „do“! Firwat? Ganz einfach, well et souzesoen an enger „Rumm“ steet, engem bestëmten „Takt“ an dmeescht och nach „reimt“. Dir huet et vläicht missen „auswänneg“ léieren; ower gelungenerweis ass et „bannewänneg“ sätzen/hänke bliwwen. Ganz dacks* ass dat jo och nach de Fall, wann deen Text eng „Weis“ huet a gesonge ka ginn; da gëtt e bal* ni vergiess, ob et sech em reliéis oder aner Sätz handelt. Et bleift einfach „pechen“. Ursaach? Aus deene klengen Iwwerleeunge kann een z.B. **an engem Sprooch(e)cours eng einfach „Method“ zéien, mat deer Sprooch-, Tounfall-, Rhythmuselementer zimlech flott „hänke“ bliwen**. Op dat pechen- an hänkebleiwe kënn et jo bei Sproochchen am Fong un, oder? Wéi wier et hei mat Fabelen, déi sech op Lëtzebuergesch „halen“? Zesoe jidfer klenge Fransous kritt deer vum La Fontaine e puer „op Lager“... **an et ginn der och wéinstens 50 an eiser Sprooch**; dir kënn se bei äis oder an engem Bicherbuttek bestellen... praktesch fir de Präiss vun enger Pizza. ☺

En français, s'il vous plaît ...

Dat ass dee klenge franséische Saz, deen der nun emol souvill zimlech baschten* deet. Et héiert een en ower **praktesch bal nëmme* bei der Théik an der Metzlererei* oder beim Bäcker**. Mä et dierf een sech ower froen, ob dat duergeet, fir ze mengen, d'Franséisch giff sech hei ze breet maachen. Dat stëmmt net. **Iwrengens läit et um Patron, vu sengem Personal ze verlaangen, datt des Leit déi puer Dose Wiederer oder Sätzelcher, déi si do brauchen, musse verstoen a schwätze léieren**. Loosst mer dach emol éierlech sinn: Dat Personal kënn net nëmme wéinst eise schéine Guckelcher* heihinner schaffen; déi eng fanne keng Plaz „doheem“... dacks 80 an nach méi Kilometer ewech; anerer denke sech (mat Recht), datt eise klengste Loun gutt a gär zweemol esou héich ass, wéi eng Pai „do iwwer“... also, wat giff dir an hirer Plaz maachen? Sproochlech hätte mir jo kee Krämpes*... an do si mir ze beneiden. Si net! Si sollen sech ower beruffsméisseg eng Grimmell „upassen“.

Natierlech ginn e puer „fuddeleg“* Ausrieden net duer, fir (och nach no zwee Joer hannert deerselwechter Théik) vu jidderengem „en français“ ze verlaangen; dat kënn dach ewell* keen sech méi zu Tréier oder Orscholz leeschten. Richteg ass et ower och net, wa mir ëmmer nëmme kregéilen an d'Saach net eng Kéier probéieren ëmzedréinen: Firwat net emol hire Patron oder soss e Chef ruffen a soen, wat ee vun deer Situatioun hält. Mir hunn och nach Federatioune vun de Bäcker, de Metzler an anere Beruffer/Geschäfte; **wéi wier et, wann do „zentral“ eppes kënn un d'Wibbele* kommen**, sou op d'Manéier: „Extrablatt“ fir hannert enger Metzlesch- oder Bäckeschthéik. Mir gengen nawell* gär hëllef...

Eng Sicki

... ass **dem Kënni säi bescht Stéck iert et zerguttst bäisse kann!** Leider gëtt et der, déi och nach mat dräi bis véier Joer oder méi domat dorëmmer* lafen; et „berouegt“... mä wien? Dajee alt. Sproochlech giff ee jo kënnen mengen, „*suckelen, Suckel, Suckeler*“ giff poulricht aus dem Däitsche kommen. Iwo... dat fannt dir a kengem Dictionnaire! Do ass et nun emol „saugen“, an dofir och de „*Staubsauger*“. Logescherweis kënn een doraus jo dann och e „Stëbsuckeler“ maachen, mä dat klénkt direkt gelungen, well e „**Suckeler**“ am Lëtzebuergeschen eng Zort „**Schnuddeler**“ ass... déi zwéin Ausdréck iwrengens typesch „Eises“... ower no bei „sucer“.

Intressant dierft och nach sinn, datt et **dat ganz „Gesuckels“ ower am Englesche gëtt: *to suck/a sucker*...** mä si hunn aus dem „Staubsauger“ ower keen „*dust-sucker*“ gemaach; dat guff dann emol d'éischt e „*vacuum cleaner*“... deen d'Leit einfach net geholl hunn; et ass en „*Hoover*“ an esouguer d'Verb „*to Hoover*“ draus ginn. Dat nennt ee Supermarketing, gell! A mir? Hätte kënnen aus deer **Maschinn, déi nun emol „stëbst“, am Sënn vun der „Stëbslomp“ einfach eng „Stëbsmaschinn“** maachen... et sollt net sinn. Eng Sprooch-Geleehheit verluupt*.